# DEN NAUE FUEDEM

INFOBLAT VUN DER GEMEEN WORMER

N°3
DEZEMBER 2020



■WORMER ■WORMERBERREG ■OHN ■ÉINEN ■DRÄIBUER ■KAPENAKER ■MEECHTEM

GEMEEN WORMER

## DE FUEDEM NET VERLÉIEREN


EDITORIAL 1
Mathis Ast 1
GEMEENEROT 2
De Bericht vun de Sitzungen 2
MATDEELUNGEN 12
Gutt ze wëssen 12
CIS Wormer 16
Buergermeeschterwiessel 17
23 Froen un de Mathis Ast 18
Rufft de Rieslingexpress 20
Fosse septique 21
Un d'Hondsbesëtzer 22
Chorale Ste Cécile Ehnen 23
Hommage Nico Hienckes 24
Konscht- a Kulturstad Wormer 25
NAUEGKEETEN 26
Mir feieren 26
Mir feieren de Kleeschen 28
Mir bauen 30
KLIMAPAKT 34
Klimateam 34
Subsidiereglement 35
KONTAKT 36
Nëtzlech Nummeren 36




**MATHIS AST**
BUERGERMEESCHTER| BOURGMESTRE
PRESIDENT VUM RIESLING OPEN |
PRESIDENT DU RIESLING OPEN

# LÉIF MATBIERGER AUS DER WORMER GEMEEN,

Et ass fir mech eng grouss Éier de Poste vum Buergermeeschter iwwerholl ze hunn. No 3 Joer Gemengerot a 6 Joer am Schäfferot hunn ech elo déi grouss Chance als Gemengepapp kënne weider Erfarungen ze sammelen.

Fir d'alleréischt soen ech all menge Kolleegen aus dem leschten an aktuelle Gemengerot villmools Merci fir d'Ënnerstëtzung an déi goud Zesummenaarbecht. Déi lescht 3 Joer hu mir all zesummen als Team funktionéiert a mir wäerte mam selwechten Equippegeescht sou weiderfueren.

Et wäerten eng Rei Projete finaliséiert ginn an awer och eng sëlleg neier lancéiert ginn. Wat d'Gemengepersonal ugeet, si mir säit e puer Méint erëm quasi voll besat. De PAG ass a Prozedur a mir wäerten zesumme mat de Bierger déi verschidden Doleancë beschwätzen. D'Planung vum neien Duerfkär vu Wormer wäerte mer an de kommende Méint an Ugrëff huelen, wou eng Participatioun vun de Bierger geplangt ass. De Bau vum neie Service-techniques a Pompjeesbau wäert an der éischter Hallschent vum Joer ulafen. Den neie Quai zu Éinen ass fäerdeg an d'Ausschreiwunge fir d'Verschéinerung an d'Erneierung vun der Esplanade wäerten 2021 publizéiert ginn. Fir de Gite touristique am ale Casino zu Éinen wäerten d'Aarbechten och déi éischt Hallschent vum Joer ugoen.

Dëst si just e puer vun de Projeten déi mir am Sënn vun de Bierger déi nächst Méint wäerten ulafen loossen.

Ech well vun dëser Platz profitéieren an Iech alleguer trotz der aktueller Situatioun schéi Chrëschtdeeg wënschen. Och wann d'Feierlechkeeten dëst Joer wäerten anescht ausgesi wéi gewinnt hoffen ech dass dir alleguer eng schéin Zäit mat äre Léifste kënnt verbréngen.

Fir dat neit Joer wënschen ech all de Bierger eng gutt Gesondheet an hoffen dass mer erëm eng Grëtz Normalitéit zeréckfannen. Dass déi sëllege Festivitéiten déi mer dëst Joer net konnten zesumme feieren, 2021 erëm kënnen ofgehale ginn.

Prost an hoffentlech bis nächst Joer erëm bei engem goude Patt vun eise Wënzer.

Villes ass duerch déi aktuell Pandemie praktesch op null erof gefuer ginn, dofir denkt och fir d'Feierdeeg un eis lokal Betriber a Veräiner.

## CHERS CONCITOYENS,

*Dans cet éditorial, Mathis Ast ne s'adresse non seulement à ses électeurs pour les remercier de lui avoir permis d'accéder à ce nouveau mandat du bourgmestre mais aussi à ses collègues, tant de l'ancien que du nouveau Conseil communal qu'il tient à remercier pour la précieuse collaboration les dernières années. Cet esprit d'équipe continuera à être le moteur de leur réussite!*
*Il lui est important de revenir sur les projets qui viennent de s'achever et sur ceux qui seront entamés d'ici peu. La première moitié de l'année prochaine sera bien chargée: les reclamants seront entendus dans le cadre de la procédure officielle de la refonte du PAG, les citoyens seront involvés dans la planification d'un nouveau noyau du village de Wormeldange, on préparera la voie pour la construction du nouveau hall technique pour le Service Technique et le Service d'incendie et de Sauvetage au Kundel, on démarrera les travaux de rénovation pour le gîte touristique au sein de l'ancien Casino à Ehnen.*
*Si la majorité des festivités sont annulées cette année à cause du Covid, nombreux seront les moments d'amitié que l'on partagera au calme et en toute intimité au sein de la famille.*
*Beaucoup d'entre nous font preuve de renonciation durant les festivités de cette année, mais il y a une chose qui ne devrait pas changer - notre soutien au commerce local!*

# GEMEENEROTSSITZUNG

vun dënschdes, dem 15. September 2020

**Present:** De Buergermeeschter Max Hengel ; d'Schäffe Mathis Ast a Martine Schmit ; d'Conseillere Claude Pundel, Marc Kring, Martine Kohll, Armand Becker, Marc Beckius a Philippe Steffen ; de Gemeenesekretär Jean-Jacques Hellers

**Ufank vun der Sitzung:** 17.00 Auer

## ËFFENTLECH SITZUNG

### 1. Presentatioun vum neie Bau fir de Service Technique an d'Pompjeeën - Witry & Witry

*Am Ufank vun der Sitzung hëllt de Buergermeeschter Max HENGEL d'Notärsakten (**Punkt 6. a) a 6. b)**) vum Ordre du Jour erof, well schonn an der leschter Sitzung iwwer dëse Punkt befonnt gi war.*

An der Sitzung kruten d'Memberen aus dem Gemeenerot de Projet vum neien Atelier um Kundel fir d'Aarbechter vum Service Technique an d'Pompjeeë vum Architektebüro Witry & Witry méi détailléiert virgestallt. Remarken zu dem grousse Projet konnte formuléiert a Froe gestallt ginn.



### 2. Einnahmeerklärungen

De Gemeenerot huet d'Einnahmeerklärungen a Gesamthéicht vun 1.076.672,03 geneemegt.

### 3. Ufro vun engem Zousazkreditt - Quai Éinen

9 x ☑

Beim Projet vum Quai zu Éinen fale Méikäschten un. Dës sinn engersäits duerch technesch Problemer wärend de Bauaarbechten entstan, anerersäits bréngt d'Uschléisse vum Projet Éinen Puddel och zousätzlech Käschten mat sech. De Budget gëtt mat 275.000,00 € opgestockt.

### 4. Dekonten - Feld- a Wéngertsweeër

9 x ☑

2014 hat de Gemeenerot en Devis vun 157.100 € fir d'Astandsetzungsaarbechte vun dem Feldwee « Bei der Millen » zu Ohn an de Wéngertsweeër « Knupp » (Meechtem), « Douna » (Ohn), « Kelterbierg-Rousemen » (Éinen) an « Bauschbierg » (Dräibuer) gestëmmt. Effektiv ausginn hu mer dofir 78.547,04 €, wourop de Landwirtschaftsministère eis elo e Subsid vun 30% (23.564,11 €) accordéiert huet.

De Conseil approuvéiert de Procès verbal vun den Aarbechten an d'Dekonten eestëmmeg.

### 5. Projet Quai Éinen - Devis

9 x ☑

De Montant vum Avenant chiffréiert sech op 551.086,28 € TTC. Der Gemeen hiren Deel mécht 275.543,14 € aus, sou datt mer beim Gesamprojet lo bei 1.020.884,58 € fir d'Gemeen leien.

### 7. Extraordinär Subsiden 9 x ☑

Op Virschlag vum Schäfferot decidéiert de Gemeeneerot der *APEMH Fondation - Association des Parents d'Enfants Mentalement Handicapés* an der *Multiple Sclérose Lëtzebuerg* jeeweils ee Subsid an Héicht vun 50 € ze accordéieren. D'Sécurité Routière Luxembourg krit ee Subside vun 150 €.

### 8. Temporäert Verkéiersreglement « Route du Vin » zu Wormer 9 x ☑

Bedéngt duerch dem Sidest säi Chantier fir de Retentiounsbaseng mat Pompelstatioun hanner dem Atelier, ass d'Fuerbunn verenkt ginn. De Gemeenerot confirméiert dem Schäfferot säin Drénglechkeetsreglement, duerch dat de Verkéier op der Route du Vin fir 6-8 Woche mat roude Luuchte gereegelt gëtt.

ENN VUN DER SITZUNG ■





# SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL

mardi 15 septembre 2020

**Présents :** Le bourgmestre Max Hengel; les échevins Mathis Ast et Martine Schmit ; les conseillers Claude Pundel, Marc Kring, Martine Kohll, Armand Becker, Marc Beckius et Philippe Steffen ; le secrétaire Jean-Jacques Hellers

**Début de la séance :** 17.00 heures

## SÉANCE PUBLIQUE

### 1. Présentation du projet du hall technique pour le Service Technique et le Service d'incendie et de Sauvetage

Les représentants du bureau d'architecte Witry & Witry ont présenté le projet des nouveaux ateliers communaux, concentrant les activités du Service Technique et celles du CIS Wormer sur un seul site. La présentation a permis aux membres du Conseil communal de formuler des remarques et de poser des questions.

### 2. Titres de recettes

Le Conseil communal approuve des déclarations de recettes d'un montant total de 1.076.672,03 €.

### 3. Demande d'un crédit supplémentaire - quai Ehnen

9 x ☑

Pour faire face aux frais supplémentaires liés au projet quai à Ehnen, le budget sera augmenté de 275.000,00 €. Cette augmentation des coûts s'explique d'une part par l'occurrence de problèmes techniques lors des travaux de construction, d'autre part par la volonté de poursuivre le projet Puddel à Ehnen à l'échéance du projet quai.

### 4. Décompte - sentiers ruraux et viticoles

9 x ☑

Le devis à hauteur de 157.100 € pour la mise en état du chemin rural « Bei der Millen » à Ahn et des chemins viticoles « Knupp » à Machtum, « Douna » à Ahn, « Kelterbierg-Rousemen » à Ehnen et « Bauschbierg » à Dreiborn date de l'année 2014. Pour ces travaux de mise en état, 78.547,04 € ont été dépensés effectivement, dont 30% ont été subventionnés par le Ministère de l'Agriculture. Le Conseil communal approuve le procès-verbal de réception des travaux et le décompte.

### 5. Projet quai à Ehnen - devis

9 x ☑

L'avenant au devis se chiffre à 551.086,28 € TTC. Les coûts à supporter par la Commune de Wormeldange s'élèvent à 275.543,14 €. Dans son ensemble, le projet coûte 1.020.884,58 € à la Commune.

### 7. Subsides extraordinaires

9 x ☑

L'Association des *Parents d'Enfants Mentalement Handicapés - APEMH Fondation* et *Multiple Sclérose Lëtzebuerg* ont chacun reçu un subside de 50 €. La Sécurité Routière Luxembourg a bénéficié d'un subside de 150 €.

### 8. Règlement temporaire de circulation - « Route du Vin » à Wormeldange

9 x ☑

En raison de la construction d'un bassin de rétention avec station de pompage derrière l'atelier communal, la Route du Vin a été rétrécie. Le Conseil communal confirme le règlement de circulation d'urgence édicté par le Collège échevinal qui réglera la circulation par feux de signalisation pendant 6 - 8 semaines.

FIN DE LA SÉANCE ■



# GEMEENEROTSSITZUNG

vun dënschdes, dem 29. September 2020

**Present:** De Buergermeeschter Max Hengel ; d'Schäffe Mathis Ast a Martine Schmit ; d'Conseillere Marc Kring, Martine Kohll, Armand Becker, Marc Beckius a Philippe Steffen ; de Gemeenesekretär Jean-Jacques Hellers

**Entschëllegt:** De Conseiller Claude Pundel

**Ufank vun der Sitzung:** 17.00 Auer

## ËFFENTLECH SITZUNG

### 1. Entworf vum neie PAG - Saisine vum Gemeenerot

Deen éischte Vote markéiert den Ufank vun der Prozedur fir deen neien Allgemenge Bebauungsplang vun der Wormer Gemeen an 1,5 bis 2 Joer unzehuelen. De Gemeenerot huet an alphabetescher Reiefolleg de Sektiounen no ofgestëmmt fir eventueller Befaangenheet entgéintzewierken.

- Ohn Sektioun - B - : 8 x ☑
- Dräibuer Sektioun - E - : 8 x ☑
- Éinen Sektioun - D - : 8 x ☑
- Kapenaker Sektioun - F - : 8 x ☑
- Meechtem Sektioun - A - : 7 x ☑ Enthalung vum Conseiller Beckius
- Wormer Sektioun - C - : 7 x ☑ Enthalung vun der Schäffen Schmit

Wéi et mam PAG elo viru geet, fannt Dir op der Säit 30-31

Domat kann de kompletten Dossier vum Entworf vum PAG un déi zoustänneg Instanzen virugereecht ginn.

### 2. Wiessel am Schäfferot

Wéi no de Walen 2017 ausgemaach, huet de Max Hengel den 1. September 2020, an der Halschent vun der Mandatsperiod, seng Demissioun als Buergermeeschter vun der Gemeen Wormer agereecht. Säi Récktrëtt ass den 11. September vum Grand-Duc ugeholl ginn.

Als säin Nofolger proposéiert de Gemeenerot dem Grand-Duc, de Mathis Ast (8 x ☑). Domat gëtt dem Mathis Ast säi Schäffeposten fräi. De Max Hengel gëtt eestëmmeg als Schäffe gestëmmt an assistéiert dem Buergermeeschter Mathis Ast, zesumme mat der Schäffe Martine Schmit am Schäfferot (8 x ☑).

## NET ËFFENTLECH SITZUNG

### 3. Demissioun vun engem Gemeenebeamten

Den Här Robert Godart ka seng Pensioun am Juni 2021 ugoen an huet dofir de 27. August 2020 seng Demissioun als Receveur agereecht. Eestëmmeg gouf decidéiert de Robert Godart den 1. Juni 2021 a seng wuelverdéngte Pensioun ze entloossen an him een Éierentitel ze verginn.

### 4. Gemeeneverwaltung - Nominatioun op de Poste vum Redakter

Op de fräie Redakteschposten am Populatiounsbüro wéi am Sekretariat, hu sech 4 recevabel Kandidate gemellt. Eng Kandidatur ass den 28. September zeréckgezu ginn. De Gemeenerot decidéiert, a geheimer Ofstëmmung, den Här Pascal Welter als Redakter (Fonctionnaire an der Karriär B1) mat Wierkung op den 1. Januar 2021 ze nennen.

ENN VUN DER SITZUNG ■








# SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL

mardi 29 septembre 2020

**Présents :** Le bourgmestre Max Hengel; les échevins Mathis Ast et Martine Schmit ; les conseillers Claude Pundel, Marc Kring, Martine Kohll, Armand Becker, Marc Beckius et Philippe Steffen ; le secrétaire Jean-Jacques Hellers

**Excusé:** Le conseiller Claude Pundel

**Début de la séance :** 17.00 heures

## SÉANCE PUBLIQUE

### 1. Nouveau PAG - Saisine du Conseil Communal

Avec le premier vote, le nouveau plan d'aménagement général de la Commune de Wormeldange a été introduit dans la procédure officielle. Afin d'éviter toute suspicion de partialité, le vote s'est déroulé par ordre alphabétique des sections de la commune.

- Ahn section - B - : 8 x ☑
- Dreiborn section - E - : 8 x ☑
- Ehnen section - D - : 8 x ☑
- Kapenacker section - F - : 8 x ☑
- Machtum section - A - : 7 x ☑ abstention du conseiller Beckius
- Wormeldange section - C - : 7 x ☑ abstention de l'échevin Schmit

En vue d'entrer en vigueur dans 1,5 jusqu'à 2 années, le conseil communal marque son accord pour transmettre le dossier complet du projet du nouveau plan d'aménagement général aux instances étatiques compétentes.

### 2. Changement au sein du Collège échevinal

À la moitié du mandat, Max Hengel a démissionné de sa fonction de bourgmestre en date du 1er septembre 2020, comme convenu après les élections communales en 2017. Le 11 septembre, sa démission a été acceptée par le Grand-Duc.

Le Conseil communal propose Monsieur Mathis Ast comme candidat pour lui succéder (8 x ☑). À la suite de sa démission en tant qu'échevin, le poste de Monsieur Mathis Ast est devenu vacant. Après vote secret, Monsieur Max Hengel occupera ce dernier et assistera au bourgmestre Mathis Ast ensemble avec l'échevinne Martine Schmit au sein du Collège échevinal (8 x ☑).

## À HUIS CLOS

### 3. Démission d'un fonctionnaire communal

Pour faire valoir ses droits à la pension, Monsieur Robert Godart a présenté sa démission le 27 août au Conseil communal. Ce dernier a accepté la démission de Monsieur Robert Godart avec effet au 1er juin 2021 et lui décerne le titre honorifique de ses fonctions.

### 4. Administration communale - Nomination au poste vacant du rédacteur

Suite à la publication du poste du fonctionnaire communal (m/f), groupe d'indemnité B1 - sous-groupe administratif avec affectation au bureau de la population/secrétariat communal, 4 candidatures recevables ont été retenues. Par vote secret, le Conseil communal décide de nommer Monsieur Pascal Welter au poste en question, avec effet au 1er janvier 2021.

FIN DE LA SÉANCE ■

# GEMEENEROTSSITZUNG

vun méindes, dem 9. November 2020

**Present:** De Buergermeeschter Mathis Ast; d'Schäffe Max Hengel a Martine Schmit ; d'Conseillere Claude Pundel, Marc Kring, Martine Kohll, Armand Becker, Marc Beckius a Philippe Steffen ; de Gemengesekretär Jean-Jacques Hellers

**Ufank vun der Sitzung:** 17.00 Auer

## ËFFENTLECH SITZUNG

### 1. Bewirtschaftungsplang 2021 fir d'Gemeenebëscher

9 x ☑

Eestëmmeg heescht de Gemeenerot den Hauungs- a Kulturplang fir d'Joer 2021 gutt, sou wéi e vun der Forstverwaltung, Bezierk Osten, proposéiert a vum Fierschter, dem Här Eric Dimmer, presentéiert gouf. Viraussiichtlech ass mat Recetten an Héicht vun 71.000 € ze rechnen, d'Ausgabe sollen sech op 143.00 € belafen.

### 2. Bëschwee « Heschepaad » - Devis

9 x ☑

De Gemeenerot approuvéiert dee vun der « Administration de la Nature et des Forêts » opgestallten Devis vun engem Gesamtmontant vun 42.000 € TTC fir zousätzlech Aarbechten um Bëschwee « Heschepaad » (Sektioun - F - Kapenaker). Dëse Wee stung um Hauungs- a Kulturplang 2018, kann awer eréischt 2021 realiséiert ginn.

### 3. Presentatioun vun der Neigestaltung « Puddel » zu Éinen - AREAL Landscape Architects

An der Sitzung kruten d'Memberen aus dem Gemeenerot de Projet vun der Opwäertung vum Site « Puddel » vum Architektebüro AREAL méi detailléiert virgestallt. Dëst ass déi eenzeg Plaz an der Gemeen mat Ëffnung zur Musel hin an zitt dowéinst vill Touristen un. Am Kader vun der Refonte vum PAG huet een hei eng Ëmklasséierung an eng Zone de récréation virgesinn. Remarken zu deem grousse Projet konnte formuléiert a Froe gestallt ginn.

### 4. Einnahmeerklärungen

De Gemeenerot huet d'Einnahmeerklärungen a Gesamthéicht vun 1.033.283,45 € geneemegt.

### 5. Upassungen am ordinäre Budget 2020

9 x ☑

Well verschidden ordinär Recetten an Depensë bei der Opstellung vum Budget ënnerschat goufen, decidéiert de Gemeenerot den ordinäre Budget vum Exercice 2020 unzepassen. Déi zousätzlech Recetten an Héicht vun 23.827,02 € gi méi wéi duer fir d'Depensë vun 15.000 € auszegläichen.

### 6. Neie Bau fir de Service Technique an d'Pompjeeën - Devis

9 x ☑

Opgrond vun de Bemierkungen déi de Gemeenerot an enger vun deene leschte Sitzunge par rapport zum Projet konnt maachen, si nach e puer Upassunge gemaach ginn. De Gemeenerot heescht den Devis vun 13.415.649,35 € TTC fir den Atelier vum Service Technique (70,5%) an de Pompjeeën (29,5%) gutt. Well de Site vun der aler Deponie sanéiert muss ginn, fale hei schonn eleng 2 Milliounen Euro fir d'Berengegung vum Terrain un. Laut dem Punktesystem vum CGDIS kréie mer fir de Bau den héchstméigleche Loyer.

### 7. PAP « Nëttelratt » an der « Rue des Vignes » zu Ohn

8 x ☑ 1 Enthalung

Nodeems keng Reklamatioun géint den Deelbebauungsplang « Nëttelratt » zu Ohn agereecht ginn ass an dem Avis vun der « Cellule de l'évaluation » aus dem Januar Rechnung gedro ginn ass, konnt de Bauprojet zum Vott gestallt ginn. Mat 8 Jo-Stëmmen an enger Enthalung gëtt de Projet virleefeg ugeholl an den Dossier weider op de Ministär geschéckt. Dëse PAP huet eng Fläch vu 7 Ar a gesäit de Bau vun enger Residence mat 5 Wunnunitéite vir.

### 8. Konventioune mam CGDIS

9 x ☑

Fir d'Bereetstelle vun den 3 Lokaler (Wormer, Éinen, Meechtem) fir de CIS Wormer, iwwerweist de staatleche Corps grand-ducal d'incendie et de secours der Gemeen folgend järlech Loyeren:





- 1. Juli 2018 - 31. Dezember 2018: 18.210 €
- 1. Januar 2019 - 31. Dezember 2031: 36.421 €
- vum 1. Januar 2032 un: 23.933 €

Festgehal sinn och d'Käschten déi mam Fuerpark a Material zesummenhänken. Fir d'Period tëscht dem 1. Juli 2018 an dem 31.Dezember 2019 krit d'Gemeen 49.084 € iwwerwisen.

### 9. Nominatioun vun engem Delegéierten - SIAS

9 x ☑

De Gemeenerot nennt, a geheimer Ofstëmmung, d'Madamm Martine Schmit als Delegéiert vum SIAS.

### 10. Designatioun vun engem « délégué à l'égalité »

9 x ☑

Nodeems d'Madamm Marie Wallers den 13. November 2019 als administrative Vertrieder vun der Gläichberechtegung genannt ginn ass, huet sech d'Martine Schmit als politesche Vertrieder gemellt a gouf och eestëmmeg fir déi Charge ugeholl.

### 11. Finanziell Bedeelegung um Kuerzschléissen vu privaten Zëttären (fosse septique)

9 x ☑

*Méi iwwert de Subsid fir d'Kuerzschléisse vu privat Fosse Septiquen fannt Dir op der Säit 21.*

D'Ofwässer aus den Uertschafte Meechtem an Ohn lafe mëttlerweil an déi nei regional Kläranlag zu Gréiwemaacher. Mam Uschloss un d'Kläranlag musse privat Fosse septiquen bis den 31. Dezember 2022 kuerzgeschloss ginn. D'Käschte fir d'Kuerzschléissen oder den Ofbau vun der privater Kläranlag sinn zu Laaschte vum Besëtzer. Den Optrag gëtt vum Besëtzer un een Entrepreneur gestallt an d'Aarbechte gi vum Service Technique kontrolléiert. Op Basis vun enger acquittéierter Facture iwwerhëlt d'Gemeen 75% vun de Fraisen, mat engem Plaffong vu 5.000 €.

### 12. Extraordinär Subsiden

9 x ☑

Op Virschlag vum Schäfferot decidéiert de Gemeenerot de « Frënn vum Pompjeesmusée an der Géitz » (Nidderwooltz) an der « PADEM » (Programmes d'Aide et de Développement destinés aux Enfants du Monde) jeweils e Subsid vun 50 € ze accordéieren. De Gemeenerot geneemegt der ASBL « Noël de la Rue » eng finanziell Ënnerstëtzung vun 100 €.

Fir de lokale Veräiner mat lafende Käschten ( BBC Musel Pikes, F.C. Koeppchen Wormer, Harmonie municipale de Wormeldange, Chorale Ste Cécile Wormeldange, Dëschtennis ) an der Coronakris finanziell ënner d'Äerm ze gräifen, hieft de Gemeenerot de järleche Subsid fir dës Veräiner ëm 50%.

ENN VUN DER SITZUNG ■

myenergy Luxembourg
8002 11 90
LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG



# SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL

lundi 9 novembre 2020

**Présents :** Le bourgmestre Mathis Ast ; les échevins Max Hengel et Martine Schmit ; les conseillers Claude Pundel, Marc Kring, Martine Kohll, Armand Becker, Marc Beckius et Philippe Steffen ; le secrétaire Jean-Jacques Hellers

**Début de la séance :** 17.00 heures

## SÉANCE PUBLIQUE

### 1. Plan de gestion 2021 de la forêt communale

9 x ☑

Le Conseil communal décide d'approuver le plan de gestion annuel de la forêt communale pour l'exercice 2021 établi par l'Administration de la Nature et des Forêts, Arrondissement EST et présenté par le préposé forestier du triage de Wormeldange, M. Eric Dimmer, qui prévoit un total de 143.000 € en investissements et de 71.000 € en recettes.

### 2. Projet de voirie forestière « Heschepaad » - devis

9 x ☑

Le Conseil communal approuve à l'unanimité des voix le devis au montant de 41.000 € TTC concernant les travaux supplémentaires de voirie forestière à exécuter au lieu-dit « Heschepaad 2018 », section - F - Kapenacker. Ce chemin forestier a été inscrit au plan de gestion 2018, mais ne sera réalisé qu'en 2021. La longueur totale s'élève à 550 mètres et la largeur est de 3,50 jusqu'à 5 mètres.

### 3. Présentation du projet pour la valorisation touristique « Ehnen Puddel » - AREAL Landscape Architecture

Le projet de réaménagement de l'ensemble du site Puddel à Ehnen a été présenté aux membres du Conseil communal par M. Christian Weier du bureau AREAL Landscape Architecture. Cette place publique qui s'étend le long de la Moselle attire de nombreux touristes. Dans le cadre de la refonte du PAG, il est prévu que la zone sera reclassée en « zone de récréation ». La présentation a permis aux membres du Conseil communal de formuler des remarques et de poser des questions.

### 4. Titres de recettes

9 x ☑

Le Conseil communal approuve des déclarations de recettes d'un montant total de 1.033.283,45 €.

### 5. Modification du budget 2020

9 x ☑

Étant donné que certaines recettes et dépenses ordinaires ont été sous-estimées, le Conseil communal décide de modifier le budget ordinaire de l'exercice 2020. Les recettes supplémentaires de 23.827 € suffisent largement pour compenser les dépenses de 15.000 €.

### 6. Nouveau hall pour le service technique communal et le corps des sapeurs pompiers - Avant-projet et Devis

9 x ☑

Basé sur les remarques formulées lors de la séance du 15 septembre, le bureau Witry & Witry a élaboré un devis pour la construction des ateliers techniques communaux qui hébergeront également le Centre d'incendie et de secours de Wormeldange. Le devis date du 26 octobre 2020 et s'élève à 13.415.649,35 € TTC. La ventilation des coûts en fonction des deux volets (Service Techique et CGDIS) indique que près de 4 millions d'euros seront dépensés pour le CGDIS, tandis que 9,5 millions d'euros seront investis dans le Service Technique. S'agissant d'une ancienne décharge, l'assainissement du site occasionne déjà 2 millions d'euros. Selon le système de points du CGDIS, nous recevons le plus avantageux accord en termes de loyer pour la construction du hall.

### 7. PAP « Nëttelrat » dans la « Rue des Vignes » à Ahn

8 x ☑ 1 abstention

Étant donné qu'aucune réclamation n'a été introduite et que les adaptations préconisées par la « Cellule d'évaluation » ont été considérées, le Conseil communal décide d'adopter le Plan d'aménagement Particulier « Nëttelratt » concernant des fonds situés à Ahn. La surface du PAP couvre une superficie de 7 ares sur la parcelle cadastrale 1984/5577. Il prévoit la création d'une résidence de 5 unités de logement.

### 8.Conventions CGDIS

9 x ☑

La location annuelle due pour la mise à disposition des trois locaux (Wormeldange, Ehnen, Machtum) hébergeant le CIS Wormer à régler par le GGDIS est fixée à:

- 18.210 € pour la période du 1er juillet 2018 - 31 décembre 2018
- 36.421 € pour la période du 1er janvier 2019 - 31 décembre 2031
- 23.933 € à partir du 1 janvier 2032

Les frais liés au charroi et à l'équipement donnent lieu à un remboursement de 49.084,00 € et couvrent la période du 1er juillet 2018 jusqu'au 31 décembre 2019.

### 9. Nomination d'un délégué - SIAS

9 x ☑

Le Conseil communal nomme, par scrutin secret, Mme Martine Schmit en tant que déléguée au Syndicat Syndicat intercommunal à vocation multiple.

### 10. Désignation d'un délégué à l'égalité

9 x ☑

Après la désignation de Mme Marie Wallers le 13 novembre 2019 comme déléguée à l'égalité (côté administratif), Mme Martine Schmit a postulé pour ledit poste en tant que représentant politique.

### 11. Court-circuitage des fosses septiques privées - subside

9 x ☑

Vu l'achèvement des travaux de raccordement des localités de Machtum et Ahn à la station d'épuration régionale à Grevenmacher, les fosses septiques privées desdites localités doivent être court-circuitées jusqu'au 31 décembre 2022. Les frais du court-circuitage reviennent au propriétaire qui passe la commande auprès d'un entrepreneur de son choix. Le Service Technique veillera à la bonne exécution des travaux. Le Conseil communal a voté un subside de 75% des frais plafonné à 5.000 € qui sera accordé sur présentation d'une facture acquittée.

### 12. Subsides extraordinaires

9 x ☑

Sur proposition du Collège échevinal, le Conseil communal accorde les subsides extraordinaires suivants:

- 50,00 € pour les « Frënn vum Pompjeesmusée an der Géitz » (Niederwiltz)
- 50,00 € à « PADEM » (Programmes d'Aide et de Développement destinés aux Enfants du Monde)
- 100,00 € à l'asbl « Noël de la Rue »

En augmentant leur subside annuel de 50%, le Conseil communal décide de soutenir financièrement les associations qui ont supporté des dépenses courantes durant la crise Covid-19 (BBC Musel Pikes, F.C. Koeppchen Wormer, Harmonie municipale de Wormeldange, Chorale Ste Cécile Wormeldange; Dësch-Tennis Meechtem).

FIN DE LA SÉANCE ■

HEIZUNGS-CHECK
Bei dëser professioneller Inspektioun gitt dir séier an einfach de Spuerpotenzial vun ärer Heizung gewuer. Weider Informatiounen op **www.heizungscheck.lu**

HEIZUNG ERSETZEN
Elo mat MASUTT ERSATZ BONUS
Loosst är fossil bedriwwen Heizung (Masutt- oder Gasheizung) **duerch eng erneierbar Alternativ ersetzen** a profitéiert grad elo vum **Masuttersatz-Bonus**.

**Beispiller** vu Subventiounen am Fall vum Ersatz vun enger Heizung an engem Eefamilljenhaus (**gülteg fir all Commande vun enger neier Anlag bis den 31. Mäerz 2021**):

**Wäermepompel mat Geothermie :** 62,5% vun de Käschten, max 10.000 €

**Holzpellets- oder Holzhackschnëtzelheizung :** 50% vun de Käschten, max 6.250 €

**+30%** op dëse Montanten wann dir är **Masutt- oder Gasheizung** ersetzt.

HOLZUEWEN
Informatioune wéi dir ären **Holzuewen** effizient a mat manner Impakter op d'Loftqualitéit bedreiwe kënnt fannt dir op **www.myenergy.lu/chauffage-bois**

All d'Detailer fannt dir op **www.clever-primes.lu** oder op der Hotline vu myenergy: **(+352) 8002 11 90**.

Vous trouvez toutes les informations en français sur **www.clever-primes.lu**
Sie finden alle Informationen auf Deutsch unter **www.clever-primes.lu**

**D'myrenovation** App weist iech wéivill staatlech a kommunal Hëllef dir kënnt kréien.

Télécharger dans l'App Store



100% recycléierte Pabeier

GEMEENEROT
De Bericht

# GEMEENEROTSSITZUNG

vu méindes, dem 7. Dezember 2020

**Present:** De Buergermeeschter Mathis Ast; d'Schäffe Max Hengel a Martine Schmit ; d'Conseillere Claude Pundel, Marc Kring, Martine Kohll, Armand Becker, Marc Beckius a Philippe Steffen ; de Gemengesekretär Jean-Jacques Hellers

**Ufank vun der Sitzung:** 17.30 Auer

## ËFFENTLECH SITZUNG

### 1. Dekonten - Feld- a Wéngertsweeër

9 x ☑

*Am Ufank vun der Sitzung léisst de Buergermeeschter Mathis AST e Verkéiersreglement vun der Route du Vin op den Ordre du Jour bäisetzen.*

2016 hat de Gemeenerot 2 Devise fir Wéngertsweeër am Budget. Den Dekont vun der ASTA ass folgenden: **(1)** fir de **Wuetelberreg** zu Dräibur war een initialen Devis vun 189.750,00 € gestëmmt ginn, d'Receptioun war 148.841,29 € an de Subsid beleeft sech op 44.652,39 €. **(2)** fir de **Kelterberreg** zu Éinen war den Devis 72.750,00 €, d'Receptioun war 45.878,00 € an de Subsid ass 13.763,40 €. **(3)** Den Devis vun 31.250,00 € fir d'**Wénkelgewan** um Wormerberreg war 2017 am Budget, déi effektiv Käschte vun den Aarbechten waren 20.170,65 €, wourop de Landwirtschaftsministère elo e Subsid vun 30% (6.051,20 €) accordéiert huet.

De Conseil approuvéiert de Procès verbal vun den Aarbechten an d'Dekonten eestëmmeg.

### 2. Ëmbauaarbechten vun de Vestiäre an der Buvette beim Fussballsterrain – Devis

8 x ☑ Claude Pundel hëlt net um Vott deel

Mat de Sanéierungsaarbechte fir d'Vestiären an d'Buvette vum Fussballveräin « FC Koeppchen Wormeldange » gi ronn 2,4 Milliounen Euro an de Fussballsterrain investéiert. Den Devis vun DIESCHBOURG WAGNER ARCHITECTES S.A. ëmfaasst d'Extensioun vun de Vesitären an der Buvette, d'Mise en Conformité vum Bestand an d'Iwwergangsléisung vu Containere wärend dem Chantier. De Gemeenerot approuvéiert den Devis mat den Honorairen, deen sech op 2.432.730,34 € beleeft.



### 3. Aarbechte fir d'Neigestaltung vum Gemeenekeller - Devis

9 x ☑

De Gemeenerot stëmmt een Devis vum Büro Milestone an Héicht vun 1.075.677,17 € TTC fir dat baussecht a bannescht Amenagement vum Keller ënnert dem Gemeenenhaus. Den Devis ëmfaasst d'Schafe vun engem Aganksberäich, Beliichtungen an alles wat dozou gehéiert fir de Keller als adequate Receptiounsraum kënnen ze benotzen. Dës Aarbechte ginn am Kader vum Parkingschantier duerchgeféiert, mam Zil de verwëllfte Keller ze valoriséieren.

### 4. Extensiouns-Aarbechten vun de Büroen - Devis

9 x ☑

D'Ustellung vu weiderem Personal bréngt mat sech, datt méi Bürosraim musse geschafe ginn. Den Ausbau vun der Gemeng mat 3 neie Büroen, engem Archivraum an Toilettë kascht d'Gemeen laut Devis 196.668,31 €. Den Devis ëmfaasst de Kaf vu Miwwelen an d'Ausféierung vu klengen a méi groussen Aarbechte vun Elektresch, Ustrach, Gipserei a Schräinerei. Fir den Erausfuerderunge vun enger wuessender Gemeen gerecht ze ginn, huet de Gemeenerot dësen Devis gestëmmt.

### 5. Ufro vun engem Zousazkreditt - Parking hanner der Gemeen

9 x ☑

Beim Projet vum Parking hanner der Gemeen fale Méikäschten un. Dës Aarbechten sinn néideg gewiescht fir déi propper Ausféierung vum Projet. Sou war beispillsweis d'Mauer vum Blindage e Supplement. Och d'Fonctionnement vum Parking (Barrièren, Bornen, Keesen, Videosurveillance) an de Buedembelag ware net am initialen Devis mat dran. De Budget gëtt mat 1.618.744,44 € opgestockt.

### 6. Festleeë vu fräie Nuechten

9 x ☑

| | | |
|---|---|---|
| 14.02.2021 | Fuessonndeg | all Sektioun |
| 15.02.2021 | Fuesméinden | all Sektioun |
| 14.03.2021 | Halleffaaschten | all Sektioun |
| 01.05.2021 | Éischte Mee | all Sektioun |
| 22.06.2021 | Nationalfeierdag | all Sektioun |
| 10. + 11.07.2021 | Promenade du Terroir | Sektioun Ohn |
| 17. + 18.07.2021 | Éiner Wënzerdag | Sektioun Éinen |
| 21. + 22.08.2021 | Meechtemer Wäi-Schmaachen | Sektioun Meechtem |
| 17., 18. + 19.09.2021 | Riesling Open | all Sektioun |
| 26., 27. + 28.11.2021 | Chrëschtmoart Wormer | Sektioun Wormer |
| 24.12.2021 | Hellegowend | all Sektioun |
| 25.12.2021 | Chrëschtdag | all Sektioun |
| 31.12.2021 | Silvester | all Sektioun |

### 7. Temporäert Verkéiersreglement « Route du Vin » zu Wormer

9 x ☑

Bedéngt duerch d'Positioun vum Kran deen um Sidest sengem Chantier fir de Retentiounsbaseng mat Pompelstatioun steet, gëtt de Verkéier op der Route du Vin bis zum Schluss vun den Aarbechten mat roude Luuchte gereegelt. De Gemeenerot confirméiert dem Schäfferot säin Drénglechkeetsreglement, duerch dat déi roud Luucht nach déi nächst 115 Schaffdeeg do steet.

## NET ËFFENTLECH SITZUNG

### 7. Nominatioun op de fräie Poste vum Receveur

No der Ausschreiwung vum Poste vum Receveur ass 1 gülteg Kandidatur zeréckbehale ginn. De Gemeenerot decidéiert, a geheimer Ofstëmmung, den Här Sébastien May op de Posten vum Receveur (Karriär B1), sous groupe administratif, ze nenne mat Wierkung op den 1. Juni 2021.

ENN VUN DER SITZUNG ■

# BICHERBUS



## 2021 just nach zu Meechtem

De Service Bicherbus vun der Nationalbibliothéik huet eis matgedeelt, datt den Arrêt Wormer aus Sécherheetsgrënn vum Bicherbus-Kalenner 2021 gestrach gëtt!

14. Januar – 4. Februar – 4. Mäerz – 25. Mäerz – 29. Abrëll – 20. Mee – 17. Juni – 8. Juli – 29. Juli – 23. September – 14. Oktober – 11. November – 2. Dezember

14.20 - 14.50 Auer

# BRENNHOLZ BESTELLUNG

Wien Brennholz fir d'nächst Joer kafe wëllt, soll seng Bestellung dem Fierschter Eric Dimmer bis den **31. Januar 2021** mailen (eric.dimmer@anf.etat.lu) oder per Post erashécken (Triage de Wormeldange - 50, Wuetelberreg L-5499 Dreiborn)!

ENG KOUERT (2 STER) FIR 101,80 € (HTVA) (Max. 4 Kouerten/6$m^3$ pro Stoot) disponibel vu Mee 2021 un!

D'Bestellung kann wärend de Schaffdeeg a samschdes (07.00 Auer - 20.00 Auer) **tëscht Mee 2021 an Oktober 2021** ofgeholl ginn (+352 621 20 21 05) et läit laanscht d'Bëschweeër.

## BOIS DE CHAUFFAGE

Quand? Commande jusqu'au **31 janvier 2021**
Auprès du garde forestier Eric DIMMER (eric.dimmer@anf.etat.lu)

| DESCRIPTION | PRIX EN € |
|---|---|
| Bois d'industrie (20 - 90 cm ¢) | 46,3 € (+8% TVA) |
| Bois de chauffage en corde (2m x 1m 1 1,04m) | 101.8 € (+8% TVA) |

*Bois de chauffage à enlever entre mai 2021 et octobre 2021.*



MATDEELUNGEN
Gutt ze wëssen

## AVIS OFFICIEL

En séance du 7 avril 2020 point 9) de l'ordre du jour, le conseil communal de Wormeldange a pris une délibération ajustant le régime d'aides financières aux personnes physiques et morales concernant la promotion de l'utilisation rationnelle de l'énergie et la mise en valeur des énergies renouvelables dans le domaine du logement.

Ladite délibération a été approuvée par décision ministérielle du 30 septembre 2020, réf. 346/20/CR, et a été publiée conformément à l'article 82 de la loi communale modifié du 13 décembre 1988.

## « GRAND RAMASSAGE DE VIEUX VÊTEMENTS» - REPORTÉ AU 19 MARS 2021

organisé par l'Aide aux Enfants Handicapés du Grand-Duché

## OUVERTURE WÄREND DE FEIERDEEG

| | |
|---|---|
| 24.12.2020 | 09h00 - 12h00 |
| 25.12.2020 | fermé |
| 31.12.2020 | 09h00 - 12h00 |
| 01.01.2021 | fermé |

# RÉOUVERTURE

## vum Gemeenenhaus

Säit dem 15. September 2020 ass d'Gemeen erëm zu senge gewéinlechen Ëffnungszäiten accessibel.

**All Dag sinn d'Servicer vun 9.00 - 12.00 Auer a vun 14.00 bis 16.00 Auer fir de Public op.** Um laangen Dënschdes ass den Populatiounsbüro souguer bis 19.00 Auer op!

### Bureau de la population/ État civil

*Marie Wallers*

lundi, mercredi, jeudi, vendredi
- de 09h00 à 12h00 et de 14h00 à 16h00

mardi
- de 09h00 à 12h00 et de 14h00 à 19h00

### Secrétariat communal

*Jean-Jacques Hellers, Sarah Reuter, Lynn Kettel, Steve Neises, Lis Steinmetz*

lundi, mardi, mercredi, jeudi, vendredi
- de 09h00 à 12h00 et de 14h00 à 16h00

### Recette communal

*Robert Godart*

lundi, mardi, mercredi, jeudi, vendredi
- de 09h00 à 12h00 et de 14h00 à 16h00

### Service technique

*David Capaldini, Carlos Canas, Jeff Schneider*

lundi, mardi, mercredi, jeudi, vendredi
- de 09h00 à 12h00 et de 14h00 à 16h00




# FEUX D'ARTIFICE?

Chers citoyens,

Dans le cadre des festivités de fin d'année, l'Administration communale **vous invite à renoncer aux feux d'artifice.**

Néanmoins, le soir de la Saint-Sylvestre, les feux d'artifice et les pétards sont tolérés de 00h00 à 00h15. Les déchets causés par ceux-ci seront à enlever par les utilisateurs.

Respectez vos concitoyens, les animaux et l'environnement.

La Commune de Wormeldange vous remercie pour votre compréhension et vous souhaite d'ores et déjà une bonne année 2021.



- Pällembierg
- Koeppchen
- Pietert
- Deisermillen
- Rue Kécker



# D'RASCHTBÄNKE

**hunn hire Soll fir de Summer erfëllt a si fir de Wanter erageholl ginn! Elo kënnen eis Aarbechter se usträichen a fir de nächste Summer prett maachen.**
An der Saison stinn se op eise flottsten Aussiichtspunkten. Dat bréngt leider och mat sech, datt sech do immens oft Knascht usammelt an eis Aarbechter ronderëm dës Plaze besonnesch dacks botze mussen. #Stoplittering







## De 7. September 2020 huet den CIS Wormer d'Desincarceratioun geübt.

Déi Fräiwëlleg Pompjeeë vum CIS Wormer hunn aus der aler Camionnette vun der Gemeen eng blesséiert Persoun befreit déi hannert dem Steier ageklemmt war. Dëst gehéiert zu deene méi techneschen Asätz ënnert déi zum Beispill Autosaccidenter falen.






# 2

## MÉINT NOM MAX SENGER DEMISSIOUN

«De Wiessel um Buergermeeschterstull ass elo offiziell! » sou huet et de 4. November 2020 um 15h00 geheescht wéi de Mathis Ast an de Max Hengel um Inneministère ware fir, hiren Eed ofzeleeën a vun der Ministesch vereedegt ze ginn.

Sou huet de Mathis viru Kuerzem de Max als Buergermeeschter ofgeléist. No engem onkompliziéierten Iwwergang, huet de Mathis an Téschenzäit och schonn säin 2. Gemeenerot presidéiert. Mir hunn immense Respekt virun der räsonabeler Approche déi si gewielt hu fir d'Gemeng ganz am Zeeche vum Ekippegeescht ze féieren, eppes wat an haitegen Zäiten net selbstverständlech ass. **Wormer geet mam gudde Beispill vir!**



«Je jure fidélité au Grand-Duc, d'observer la Constitution et les lois du pays, et de remplir avec zèle, exactitude, intégrité et impartialité les fonctions qui me sont confiées»



# 23 Froen

## LÉIERT DÉI POLITESCH AN DÉI PRIVAT SÄIT VUM NEIE BUERGERMEESCHTER KENNEN



**Wien ass de Mathis Ast?**

De Mathis ass 36, Expert-comptable, glécklech verginn a wunnt zu Wormer. Geschwënn plënnert hien op Meechtem.

**An der Politik säit? Wien huet dech gefrot fir matzegoen?**

D'Politik begleet de Mathis säit 2011, nodeems e vum Jang Beining gefrot ginn ass fir mat an d'Walen zegoen. Mat der Ënnerstetzung vun enger gouder Ekipp packt een et och sou laang.

**Wat war d'Ursaach fir an d'Politik ze goen?**

Sech ze engageieren an de Wonsch d'Zukunft matzegestalten.

**Wat ännert sech fir hien? Wéi packt hien de Spagat mam Privatliewen?**

Den Zäitopwand gëtt méi grouss. Et gi vill laang Deeg, mee mat engem gudden Zaitmanagement geet dat. Hie mécht dat mat vill Freed dofir kënnt näischt ze kuerz.

**Wat geschitt déi nächst 3 Joer? Wou leien d'Prioritéiten?**

Als éischt ginn déi lafend Projeten ëmgesat, wéi den neien Atelier/Pompjeesbau, d'Amenagement vum Puddel, d'Realisatioun vum Gite touristique zu Éinen, d'Extenstioun vun de Büroen vun der Gemeen, d'Renovatioun vum Gemengekeller. Aner Prioriteiten leien beim Duerfkär vun Wormer, de soziale Wunnengen zu Meechtem a beim Wandkraaftprojet.

**Wou fänkt een un vir d'Gemeng no vir ze bréngen?**

Mat gesonde Finanzen déi am Zesummeklang mat de Besoinen vun de Bierger stinn.

**Wéi eng Dossieren leien dem Mathis um Häerz?**

De Verkéier an eiser Gemeng an natierlech d'Jugendaarbecht ouni eis eeler Generatioun ze vergiessen.

**Hien kënnt aus enger Famill déi ...**

vill engageiert an vill op der Rull ass!

**Kleng ländlech Gemeng oder grouss Fusiounsgemeng?**

Éischter eng mëttelgrouss ländlech Gemeng. Eng Fusioun mécht nëmme Sënn wann souwuel d'Gemeng wei och all d'Bierger kënnen dovu profitéiren.

**Sport oder Kultur?**

E gudde Mix vun deenen 2, béides ass wichteg fir d'Entwécklung.

**Hien hat e klengen Dämpfer krit: Corona-Virus. Wéi huet hien dës Situatioun empfonnt?**

Mat der Hëllef vun der Famill a Frënn packt een daat, de Rot ass kloer gutt opzepassen an sech permanent un déi sanitär Mesuren ze haalen.

**Als Kand wollt en ëmmer ...**

Kach ginn.

**Déi eenzeg Gemeng am Land déi...**

landschaftlech an gastronomesch esou vielsäiteg ass.

**Säin zweet Doheem ass ...** d'Skipist

**Säi flottste Moment 2020:** d'Vereedegung zum Buergermeeschter vun der Rieslingsgemeen 🙂

**Vakanz 2020: gouf et déi? Heiheem oder am Ausland?**

E bësse vun allem. Aktiv Vakanz an den Alpen an Relaxatioun op der Côte. Awer och e scheinen Weekend am Westen vu Lëtzebuerg #vakanzdoheem

**Riesling oder Pinot Gris?**

Riesling, de Kinnek vun de Wäiner!

**Wormer, Wuermer oder Wuermeldeng?**

Ganz kloer Wormer (laacht)

**De Kapp fräi kréien mat ...**

Spaziergäng mam Hond an eng goud Fläsch genéissen mat der Famill an de Frënn!

**Ëmmer um Telefon oder ëmmer op der Rull?**

Ënnerwee am Auto ëmmer um Telefon.

**Full-Time Job oder niewelaanscht?**

2 Fulltime Jobs, Gemeng an Fiduciaire

**Land oder Stad?**

Wunnen ganz kloer um Land et ass awer och schéin mol Zäit an der Stad ze verbréngen.

**E Wonsch fir 2021:**

Eng Grëtz Normalitéit erëmfannen an eis hoffentlech geschwënn erëm sou dobaussen beweegen a begéinen wéi mir dat gewinnt waren

# 807

## TRAJETEN HUET DE RIESLINGEXPRESS SÄIT SENGER REPRISE AM MEE GEMAACH

De Rieslingexpress fiert vu méindes bis freides tëscht 08.30 an 17.30 Auer

**De Riesling-Express huet Gebuertsdag!** Enn 2019 huet d'Gemeen Wormer de Ruffbus-déngscht agefouert, säitdeem hu mer scho ronn 1200 Faarte verzeechent. Beléiften Destinatiounen an eiser Ëmgéigend sinn d'Maison Relais zu Dräibur, d'Moartplaz zu Maacher, de Réimecher Cactus an den Aktiva um Potaschbierg. De Ruffbus fiert op Demande awer och nach aner Plazen un, kuckt Iech un wou der iwwerall hikommt:

https://www.emile-weber.lu/fr/riesling-express.html

RUFFT DE
RIESLING
EXPRESS

1€ Aller
2€ Aller-Retour

Bestallt gëtt de Bus op telefonesch Ufro hin!
**28 108 38**





# FOSSE SEPTIQUE

## KUERZSCHLÉISSE VU PRIVATE FOSSEN (MEECHTEM & OHN)

**Laut dem Kanalreglement, verpflichte sech d'Besëtzer vu private Kläranlagen, hir Fosse, dee Moment wou si un d'Kläranalag ugeschloss ginn (Meechtem 16.September 2019, Ohn 18. Dezember 2019), kuerzeschléissen.**

D'Onkäschten déi bei dësen Aarbechten ufale ginn zu 75% vun der Gemeen iwwerholl, mat engem Plafong vun 5.000 €. Den Optrag stellt de Besëtzer bei engem Entrepreneur.

**Wat muss gemaach ginn fir de Subsid ze kréien?**

- ☑ Bis spéitstens den 31/12/2022 muss déi privat Fosse eidelgemaach an dauerhaft ausser Betrib geholl ginn
- ☑ De Service Technique muss virun a no der Ausféierung vun den Aarbechten informéiert ginn
- ☑ Eng aquitéiert Facture muss virgewise ginn

*Leit déi hir Fosse entre-temps schon kuerzgeschloss hunn, kënnen de Subsid selbstverständlech retroaktiv ufroen.*

**Ären Uspriechpartner:**
**Adressez-vous à:**
Jeff Schneider 76 00 31 - 355
jeff.schneider@wormeldange.lu

## COURT-CIRCUITAGE DES FOSSES SEPTIQUES (MACHTUM & AHN)

***D'après le Règlement communal de la canalisation, les propriétaires de fosses septiques privées s'engagent à court-circuiter leur fosse septique au moment où ils sont raccordés à la station d'épuration régionale (Machtum 16 septembre 2019, Ahn 18 décembre 2019).***

*Le court-circuitage des fosses septiques privées est subventionné à hauteur de 75% des coûts jusqu'à un maximum de 5.000 €. La commande est à passer auprès d'un entrepreneur de votre choix.*

**Pour obtenir un subside de la part de la Commune, il faudra:**

- ☑ une mise hors service de la fosse septique privée jusqu'au 31/12/2022
- ☑ informer le Service Technique avant et après la réalisation des travaux
- ☑ présenter une facture acquittée

*Pour ceux qui ont déjà procédé à cette demarche, un susbide peut évidemment être accordé rétroactivement.*

# I LOVE MY DOG



Deslescht gesin um Trottoir vun der Route du Vin zu Wormer.

Mir huelen un, datt Är Muppen de leschte Fuedem net gelies hunn, dofir hëlleft hinnen drun ze denken wann se sech déi nächst Kéier erëm huppen.

**Hondstuten kënnt Dir Iech gratis an der Entrée vun der Gemeen ofhuelen. Gefëllten Tuten gehéieren och net op d'Voie publique, mee an d'Poubelle!**








# Chorale Ste Cécile Ehnen



Ernest Wurth: Wormeldingen in der Abenddammerung (Ausschnitt)

Diese CD ist entstanden als Ersatz-Lösung für ein Konzert, das am 5. Oktober 2020 im Rahmen des Zyklus „D'Musel gëschter an haut" in Ehnen stattfinden sollte, aber wegen der Covid-19-Pandemie abgesagt werden musste. Fast jede Moselortschaft, von Schengen beim Stromberg bis nach Wasserbillig, kommt in Versen und Weisen zu Wort.

Zahlreiche Melodien wurden 2020 eigens für dieses Projekt von André Reichling (1955-2020) neu arrangiert für das vierstimmige Vokalensemble mit Streichquartett-Begleitung. Neben den vokalen Werken gibt es auch vier rein instrumentale Kompositionen für Streichqumtett, u.a. ein Werk zu den Verträgen von Schengen von Paul Dahm, Variationen über die Moselhymne „De Wéngertsmann" von Pierre Nimax sowie über „Wou d'Rief laanscht Musel dofteg bléit" aus der Nationalhymne, eine ganz rezente Schöpfung von Walter Civitareale, die hier ihre Uraufführung erlebt.

Ausführende sind die Mitglieder des **Vokalensembles „Ste Cécile Ehnen"**, das die Tradition des 1852 gegründeten Gesangvereins „Chorale Ste Cécile Ehnen" weiterführt und sich besonders für das Mosel-Repertoire einsetzt:

*Anne Berna, Lynn Schumacher, Jean-Marie Sadler, Carlo Entringer*

Das **Streichquartett** setzt sich zusammen aus Mitgliedern des Luxemburger Kammerorchesters (OCL), das sein erstes Konzert am Fest Christi Himmelfahrt 197 4 in der Pfarrkirche von Ehnen dargeboten hat:

*Anastasia Milka, Solomiya Storozhynska, Jean-François Mein, Maria Kulikowa*



Diese Initiative wird von LEADER-Miselerland als ein identitätsstiftendes Projekt gefördert und finanziell unterstützt.

**Die CD wird voraussichtlich Anfang Dezember erscheinen und somit einen idealen Geschenkartikel für die Feiertage darstellen.**

**Bestellen kann man die CD *„Léiderschall am Museldall"* zum Preis von 15 Euro (inklusiv Porto) durch Überweisung von 15€ (30 / 45 € .... ) auf das Konto BILLLULL LU07 0028 1196 9290 0000 der Chorale Ste Cécile Ehnen.**

# 2017



## ALS HOMMAGE UN DE KËNSCHTLER, NICO HIENCKES (06/12/1949 - 08/10/2017)




**A sengem Konschtatelier « Op der Wollek» op Wolkengruewen um Wormerberreg kreéiert.** Den 8. Oktober 2017 ass hien am Alter vu 67 Joer gestuerwen. Virun allem bekannt duerch seng Rascht- a Patinaeffekter, eng Technik déi vill aner Kënschtler vum Nico geléiert hunn, huet hien der Gemeen kuerz viru sengem Dout dës Biller geschenkt. Als Hommage un een talentéierte Kënschtler, hänken dem Nico seng Biller säit der Rentrée am naue Populatiounsbüro op der Gemeen. De Nico huet eis net nëmmen als Wormer Kënschtler a Sculpteur begléckt, hie war och laang Zäit Schoulmeeschter an eiser Grondschoul Billek. Anere Professionellen aus senger Zeen huet hie bäibruecht wéi een op Matièren déi eigentlech net raschten, eng Koffer- oder Eisengrondéierung ka maachen an déi sou ze behandelen datt se dann trotzdeem raschteg ginn.







# 2020



## GËTT D'KULTUR AN D'KONSCHT OCH WEIDER AN DER WORMER GEMEEN GELIEFT

**Um Filmset vun "Himbeeren mit Senf".** Vum 25. August bis den 8. September war Éinen fir verschidden Zeenen de Set vum Kannerfilm "Himbeeren mit Senf". Mat enger net all ze onbekannter Besetzung aus der lëtzebuerger Filmszene (Luc Schiltz an Fabienne Hollwege) huet d'Produktiounsfirma Amour Fou an hirem Film déi skuril Liewensgeschicht vum jonke Meedche Meeri duergestallt wat duerch den Dout vu senger Mamm a mat sengem Papp als Doudeleeër scho fréi mat dem Dout konfrontéiert ass. Op eng ganz léif Aart a Weis hëllt dëse Film e mat an dem Meeri säi Geheimnis. Éinen war e klengen Coup de Coeur fir d'Realisatrice Ruth Olshan.





**Konscht zu Ohn - Cours aus den Atelieren vum Robert Steinhäuser.** De Monsieur Jean Benoît Dominicy ass am Summer un eis erugetrueden fir mat senge Schüler e Konschtatelier zu Ohn ze realiséieren. Och hien hat e Coup de Coeur, säi war awer Ohn. De 7. August sutz hien mat senge Participanten am Fräie fir ze moolen.

NAUEGKEETEN
Mir feieren

# MIR FEIEREN

Dës Editioun vum naue Fuedem couvréiert d'Méint vu September bis Dezember. Dat lescht Trimester ass ëmmer dat chargéiertsten. Wéi soen se sou schéin "The Busiest Time of the Year". Och op der Gemeng ass da vill lass, niewent dem Budget dee bis Enn vum Joer muss opgestallt sinn, koum dës Joer och nach de PAG derbäi a net ze vergiessen d'Sich no alternative Léisunge fir eis Fester ze feieren. Donieft war awer och nach e bëssen Zäit sech ëm aner Saachen ze këmmeren.



1 De Grand-Duc an der Drauwelies



2 Škoda Tour de Luxembourg - Wormer Mauer Mëttwochs 16. September



Weltkannerdag 2020 - UNICEF GoBlue 3



5. Dezember 2020 - De Kleesche kënnt ganz anescht 4



5 Nei Chrëscht-beliichtung



PAG Informatiouns-versammlung 6

1 De Grand-Duc war de 9. Oktober op Besuch an huet net nëmmen Drauwe gelies an d'Technik vun der Raup kennegeléiert, mee bei enger Wäiprouf huet hien och erkannt datt d'Wënzer vun eiser Musel all hire ganz eegene Stil hunn hir Wäiner auszebauen.

2 De 16. September ass de ŠKODA Tour de Luxembourg erëm duerch d'Gemeen gefuer. D'Cyclisten hu sech hei un d'Wormer Mauer erugetraut. D'Course huet leider scho virdrun zu Réimech missen neutraliséiert gi, well ze vill Autoen entgéint komm sinn.

3 Als Ënnerstëtzer vun UNICEF Luxembourg hirer #GoBlue Campagne, um Weltkannerdag, den 20. November 2020, huet d'Gemeen d'Wormer Koeppchen blo beliicht.

4 De Kleeschen huet dës Joer een Tour duerch d'Dierfer gemaach a seng Titercher vun Haus zu Haus verdeelt. Och de Kleeschen huet sech un d'Reegelen gehaal an ass net bei d'Kanner an d'Haus erakomm.

5 Mat enger neier Chrëschtbeliichtung un de Beem a neien Dekoratiounen un de Luuchtepottoen bréngen mer de Leit déi schéin Chrëschtzäit virun d'Dier.

6 Den 12. Oktober ass fir d'Informatiounsversammlung vum PAG opgeriicht ginn. Owes hunn da schliisslech eng 74 interesséiert Leit de Wee an d'Sportshal zu Dräibuer fonnt.

# DE KLEESCHEN WAR DO

## DËS JOER GANZ ANESCHT



Fir vill Kanner ass et dee schéinsten Dag am Joer. An och dëst Joer kruten d'Kanner aus der Gemeen de Kleeschen zu Gesiicht, mee op engem ganz anere Wee. Déi aktuell Situatioun léisst et nach net zou grouss Fester ze feieren dofir huet d'Gemeen Wormer zesumme mat der Entente Wormer, der Entente Meechtem an dem Éiner Wënzerdag no Alternative gesicht an sech eppes Flottes afale gelooss.

No de Gespréicher mam Kleeschen, musse mer zouginn: fir säin Alter kënnt deen ale Mann nach op schéi modern Iddien. Sou huet hien a kuerzer Zäit einfach mol decidéiert d'Kanner virun hirer Hausdier ze iwwerraschen.

58 Stroossen ass hien ofgetréppelt oder gefuer, an huet de Kanner eng Titchen bruecht.

D'Gemeenenaarbechter an déi jeeweileg Ententen hu sech vill Méi gemaach d'Ween ze rëschten an d'Tournéeën ze plangen. Mir si frou datt mer souvill positive Feedback kruten. D'Kanner hu sech gefreet a bei dem engen oder aneren Erwuessene sinn och mol flott Kandheetserënnerungen héichkomm.

**Och vun der viischter Dier aus, war et e schéinen a virun allem gemittlechen Niklosdag!**













**NAUEGKEETEN**
Mir bauen

# MIR BAUEN

## WORMER KRIT E NAUE PAG

Den naue PAG vun der Gemeen Wormer, un dem säit 2010 geschafft ginn ass, ass mam éischte Vote vum Gemeenerot den 29. September op den Instanzewee geschéckt ginn.

D'Virgaben vun der Prozedur gesi fir datt eng Informatiounsversammlung fir d'Bierger muss gehal ginn. Dës ëffentlech Presentatioun vun de Pläng huet missen bannend der gesetzlecher Frist (2 Wochen no der Saisine) ofgehal ginn a war den 12. Oktober an der Sportshal zu Dräibur.

Gutt 2 Stonnen hunn d'Informatiounen an d'Erklärungen an Usproch geholl, mat uschléissender Froen-Ronn vun 40 Minutten.

D'Ënnerlagen vum PAG hunn 30 Deeg missen ëffentlech ausgeluecht ginn, déi vun der SUP souguer 45 Deeg. Soulaang konnten d'Bierger Asiicht an den Dossier froen. Eng 40 Leit sinn op der Gemeen passéiert fir sech d'Pläng unzekucken.

Ronn 70 Leit hu vun hirem Reklammatiounsrecht Gebrauch gemaach. Bemierkungen an Objektiounen konnte bis den 4. November schrëftlech un de Schäfferot gericht ginn.



### RIED AN ÄNTWERT

Eis politesch Responsabel, de Service Technique, d'Buroen CO3 an TR-Engineering an de Service des Sites et Monuments waren do fir den neien Bebauungsplang virzestellen an op är Froen ze äntweren.

### WUERTMELDUNGEN

An der Q/R Séance hu sech 6 interesséiert Bierger zu Wuert gemellt. Eng berechtegt Fro war eis iwwert de Livechat era komm.

### UNDRANG

Wéint de sanitären Aschränkungen hunn interesséiert Bierger sech am Virfeld missen umellen. Konform zu den Corona Mesuren hätten 100 Leit an der Sportshal kënne Plaz huelen, schlussendlech soutzen 74 Leit am Publikum. 77 Leit hunn d'Reunioun via Livestream suivéiert.

## WOU SI MER DRUN?


Depuis 2010, on prépare la refonte du PAG de la Commune de Wormeldange. Le premier vote du 29 septembre 2020 marque sa mise en procédure officielle. Une réunion d'information, obligatoire par la loi, a eu lieu au hall sportif de Dreiborn le 12 octobre 2020.

## OÙ EN SOMMES-NOUS?

Le public a pu consulter les différents dossiers durant 30 jours à la maison communale ou en les téléchargeant sur le site Internet de la Commune.

Les citoyens ont eu la possibilité de s'adresser par écrit au Collège échevinal. Ces reclamations ont du parvenir au Collège échevinal le 4 novembre au plus tard.

L'audition des reclamants aura probalement lieu en février 2021.



# MIR BAUEN

## AUSBAU VUN DE BÜROEN

**Et geet virun**

Nodeems d'Marie Wallers aus der Populatioun am Summer an e neie Büro geplënnert ass, wäert de Service Technique dee nächsten an der Rei sinn.

Wann eng Gemeen wiist a vill administrativen Opwand bäikënnt, dann muss een och iergendwann drun denken d'Personal opzestocken. Do bleift et dann net aus, datt och adequat Büroen mussen hir.

Dëst geschitt aktuell um éischte Stack iwwert der aler Spillschoul. Mat engem Duerchbroch ginn déi aktuell Büroen mat dëse Raim verbonnen. Dohi kommen viraus 2 Büroen an hannenaus een Archiv an Toiletten.

Éiert den David, de Carlos an de Jeff an déi nei Büroen kënnen, mussen awer nach de falsche Plafong an de Buedem gemaach ginn. Den Ustrach steet och nach aus. D'Rauchmelder mussen agesat ginn an d'Klimaanlag muss era gezu ginn. Wann alles gutt geet an hire Bürosmiwwel ukënnt, hoffen mer, datt si uganks des Joers kënne plënneren.



## WOU SI MER DRUN?



## OÙ EN SOMMES-NOUS?

196.668,31 €

Les agents administratifs du Service technique changeront de bureaux en début de l'année prochaine. Mais pas de panique, ils ne seront pas loins.
Ils emménageront dans les nouveaux bureaux au premier étage, là ou se trouvait récemment la salle de salle de répétition de la chorale, au-dessus de l'ancien bâtiment de l'école préscolaire. Un passage les reliera aux bureaux actuellement occupés.

# D'KLIMATEAM SCHLÉIFT NET



Luc Watgen, Guy Schmit, Marc Kring, Nico Sauber, Martine Schmit, Gil Mateus, Roberto Santomauro, David Capaldini, Lynn Kettel

*hu gefeelt: Guy Scholtes, Gilbert Muller*

## DEN 22. SEPTEMBER UM 18H00 WAR D'KLIMATEAM BEIENEEN

D'Klimateam setzt sech zesummen aus Vertrieder aus der Politik, dem Klimaberoder, 5 interesséierte Bierger aus der Gemeen an 3 Matarbechter vun der Gemeen.

An der leschter Reunioun huet de Ralf Köhler vun Econovis de neie LEADER-Projet iwwert d'Verwäertung vu Biomass aus der Regioun präsentéiert. Sujet war och déi europäesch Initiative « European City Facility » fir déi sech d'Gemenge kënne mellen. Wa se zeréckbehale ginn kënnen d'Gemengen eng finanziell Ënnerstëtzung fir de Klimaschutz kréien.

# NEISTART LËTZEBUERG

## Kennt Dir schon all d'Clever Primes?

Den Detail vun dëse Primen fannt Dir um Site vu Myenergy

CLEVER HËTZEN Sue spueren
CLEVER LUEDEN Sue spueren
CLEVER SOLAR
CLEVER FUEREN Sue spueren
CLEVER WUNNEN Sue spueren






# KLIMAPAKT - MENG GEMENG ENGAGÉIERT SECH

Eist Subsidiereglement am Kader vum Klimapakt ass ugepasst ginn.

Frot lech elo Är Prime fir e Reewaasseropfangbecken oder eng Photovoltäikanlag un, vi-rausgesat Dir hutt schon eng staatlech Prime fir déi Mesure krit.

Dat ganzt Reglement fannt Dir hei!

| A | Rénovation énergétique et économies d'énergie et de ressources naturelles | Montant accordé |
|---|---|---|
| 1 | Isolation mur extérieur **(maison)** | 25% de la prime étatique avec max. 1.000,00€ |
| 2 | Isolation de la toiture ou dalle supérieure contre zone non chauffée **(maison)** | 25% de la prime étatique avec max. 1.000,00€ |
| 3 | Récupération d'eau de pluie **(maison)** | 35% de la prime étatique avec max. 350,00€ |
| 1 | Isolation mur extérieur **(résidence)** | 25% de la prime étatique avec max. 4.000,00€ |
| 2 | Isolation de la toiture ou dalle supérieure contre zone non chauffée **(résidence)** | 25% de la prime étatique avec max. 4.000,00€ |
| B | Énergies renouvelables | Montant accordé |
| 1 | Installation solaire thermique (eau chaude sanitaire) **(maison)** | 35% de la prime étatique avec max. 875,00€ |
| 2 | Installation solaire thermique (eau chaude sanitaire) **(maison)** avec appoint de chauffage | 35% de la prime étatique avec max. 1.400,00€ |
| 3 | Installation photovoltaïque ≤ 30 kWp **(maison)** | 50% de la prime étatique avec un plafond de 100€/kWp (maximum 10 kWp) |
| 1 | Installation solaire thermique (eau chaude sanitaire) **(résidence)** | 35% de la prime étatique avec max. 3.500,00€ |
| 2 | Installation solaire thermique (eau chaude sanitaire) **(résidence)** avec appoint de chauffage | 35% de la prime étatique avec max. 5.600,00€ |
| 3 | Installation photovoltaïque ≤ 30 kWp **(résidence)** | 50% de la prime étatique avec un plafond de 100€/kWp (maximum 30 kWp) |
| C | Conseil en énergie | Montant accordé |
| 1 | Conseil énergétique, à l'exception du certificat de performance énergétique (« Energiepass») **(maison)** | 25% de la prime étatique avec max. 250,00€ |
| 2 | Conseil énergétique, à l'exception du certificat de performance énergétique (« Energiepass») **(résidence)** | 25% de la prime étatique avec max. 400,00€ |



# ADMINISTRATION COMMUNALE DE WORMELDANGE

ANNUAIRE ■ 95, rue Principale L-5480 Wormeldange ■76 00 31 - 1 ■ www.wormeldange.lu

**Collège des Bourgmestre et Échevins** — Max HENGEL, Mathis AST, Martine SCHMIT

| SECRÉTARIAT COMMUNAL | secretariat@wormeldange.lu | Téléfax 76 84 92 |
|---|---|---|
| Secrétaire communal | Jean-Jacques HELLERS | 76 00 31 - 305 |
| Secrétariat | Sarah REUTER | 76 00 31 - 300 |
| | Lynn KETTEL | 76 00 31 - 317 |
| | Steve NEISES | 76 00 31 - 307 |
| Communication et Relations Publiques | Lis STEINMETZ | 76 00 31 - 335 |

| BUREAU DE LA POPULATION | population@wormeldange.lu | Téléfax 76 84 92 |
|---|---|---|
| État Civil, Indigénat | Marie WALLERS | 76 00 31 - 301 |

| SERVICE TECHNIQUE | technique@wormeldange.lu | Téléfax 76 00 31 - 316 |
|---|---|---|
| Ingénieur technicien | Carlos CANAS | 76 00 31 - 306 |
| Technicien diplômé | David CAPALDINI | 76 00 31 - 314 |
| Technicien diplômé | Jeff SCHNEIDER | 76 00 31 - 355 |

| RECETTE COMMUNALE | recette@wormeldange.lu | |
|---|---|---|
| Receveur communal | Robert GODART | 76 00 31 - 303 |

| URGENCES TECHNIQUES | |
|---|---|
| Eau | 76 00 31 - 347 |
| Voirie | 76 00 31 - 342 |
| Bâtiment | 76 00 31 - 352 |

| AUTRES | |
|---|---|
| Centre forestier | 24 75 66 98 |
| Ecole fondamentale | 621 35 57 13 |
| Maison Relais | 76 06 03 - 300 |
| Service d'incendie et de sauvetage | 76 01 34 |
| Police Wormer | 24 47 12 00 |



## - IMPRESSUM -

DIRECTION DE LA PUBLICATION
Collège Échevinal

GRAPHISME ET PRODUCTION
Lis Steinmetz

PHOTOGRAPHIE
Carlo Rinnen, Service interne

MISE EN PAGE
Lis Steinmetz

RÉDACTION
Collège Échevinal, Lis Steinmetz

CORRECTION ET RELECTURE
Collège Échevinal, Armand Becker

IMPRESSION
Imprimerie OSSA

QUANTITÉ D'IMPRESSION
1240 exemplaires

FSC® www.fsc.org MIXTE Papier issu de sources responsables FSC® C008551

OS PRINTED IN LUXEMBOURG

PERFORMANCE myclimate neutral Imprimé 01-18-878020 myclimate.org

# WORMELDANGE

*d'Rieslingsgemeen*

Wënscht schéi Feierdeeg!

wormeldange.lu